4. Déclaration de M. le Premier Ministre, Ministre d'État, sur l'accord entre l'État et les communautés religieuses établies au Grand-Duché de Luxembourg

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schreiwen all zesumme Geschicht - an ech insistéieren op den „all zesummen": Regierung, Chamber a Culten. Ee Joer laang huet d'Regierung ëmmer nees Gespréicher gefouert mat de Reliounsgemeinschaften, mat de Communautéiten, géintiwwer deenen de Stat Obligatiounen huet, an och mat deenen, déi eng Unerkennung fuerderen. Am Dialog an och am géigesäitege Respekt gouf en Accord fonnt. En Accord, deen zäitgemäiss an zukunftsweisend ass.

Et ass och en Accord, mat deem d'Regierung hiert Versprechen hält an d'Kapitel iwwert d'Culten am Koalitiounsofkommes eent zu eent ëmsetzt. Mir sinn ugetruede mam Versprechen, d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Reliounsgemeinschaften ze iwwerpréiwen, dat nom Prinzip vun der „Liberté de pensée" an der Neutralitéit vum Stat an awer och am Respekt vu jiddwerengem sengem perséinleche Choix.

Mir hunn eis am Koalitiounsaccord engagéiert, d'Konventioune mat de Culten ze dénoncéieren an nei ze verhandelen. Mir hunn och ofgemaach, de System vun de Kierchefabricken an den Ënnerhalt vun de Kierchen nei ze reglementéieren. Schliisslech hu mer och annoncéiert, dass de Reliounsunterrecht an de Cours vun der Formation morale et sociale an der ëffentlecher Schoul duerch e gemeinsame Wäerteunterrecht sollen ersat ginn.

Dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass, nieft dem Aféiere vun enger ziviller Zeremonie op Nationalfeierdag, wéi mer se dëst Joer schonn haten, den Inhalt vun eisem Koalitiounsaccord, an dat ass och de Résumé vun deem Accord, deen ech de Moien der Institutiounskommissioun, der Commission de l'Intérieur an der Commission de l'Éducation presentéiert hunn.

D'Regierung proposéiert eng Neiausriichtung an eng modern Positioun vum Stat vis-à-vis vun de Reliounsgemeinschaften. Mir sinn der Meenung, dass eng modern Gesellschaft an e moderne Stat och eng Verfassung sollen hunn, déi dem Zäitgeescht entsprécht. An engem demokratesche Stat, deen op Fräiheet a Gläichheet opgebaut ass, ginn et gemeinsam Wäerter, déi och an enger Verfassung hir Plaz hunn. Et sinn déi Wäerter, déi eis matenee verbannen an déi mer all deelen.

De Stat muss awer och a wäert neutral fonctionnéieren, wann et ëm déi eenzel Usiichten, ëm ganz perséinlech Iwwerzeegungen, ëm de Glawe geet. Eng Trennung tëschent Reliounen an dem Stat ass duerfir e wichtegt Element fir eng modern Verfassung. Ech si frou, dass mer op deem Punkt och konnte Geféier fanne bei deenen eenzelne Communautéiten. An ech hoffen och op eng breet Zoustëmmung hei am Parlament.

D'Obligatiounen, wéi se haut an der Constitutioun festgehale sinn, sollen net méi weider gëllen. Déi verfassungsméisseg Flicht, fir d'Paien an d'Pensioune vun de Kierchevertrieder iwwert de Statsbudget ze finanzéieren, soll also an Zukunft net méi gëllen. Déi Mesure huet eng grouss Inzidenz op de Fonctionnement vun de Reliounsgemeinschaften hei am Land an et wäert och zu gréissere Changementer misse kommen.

De Stat huet awer och eng Responsabilitéit vis-à-vis vun de Leit, déi haut am Déngscht vun der Kierch schaffen an deenen hire Salaire iwwert de Stat garantéiert ass. Et soll also net zu enger Vague vun Entloossunge kommen, de Stat zitt sech progressiv aus sengem Engagement eraus.

En Haaptelement vun enger méi neutraler Interpretatioun iwwert dat, wat eis matenee verbënnt, geet iwwert dat eraus, wat an de Kierchen, de Synagogen an de Moscheeë geschitt. D'Leit, d'Léier, pardon, vun enger Relioun huet an eisen Ae keng Plaz am Programm vun den ëffentleche Schoulen.

Wuel ass et wichteg, dass déi Jonk iwwer Relioune schwätzen, dass Wäerter an de Mëttelpunkt vun engem Schoulfach réckelen. Mir brauchen e Schoulfach, wou Plaz ass, fir mat de Schüler d'Fundamenter vun eiser Gesellschaft ze entdecken, kënnen ze léieren an och ze diskutéieren.

Esou e Wäerteunterrecht soll awer net vun enger oder vun e puer Reliounsgemeinschaften ausgoen. Déi klassesch Instruction religieuse, op där enger Säit, an de Cours vun der Formation morale et sociale, op där anerer Säit sollen also duerch ee gemeinsame Wäerteunterrecht ersat ginn. Esou eng Éducation aux valeurs ass e Schoulfach, wou et keng Ënnerscheeder gëtt a wou d'Schüler net jee no Glawen oder Netglawe getrennt, mä zesummegefouert ginn!

Och hei huet de Stat eng Responsabilitéit fir all déi Leit, déi haut an de Schoule Reliounsunterrecht halen an deenen hir Pai iwwert de Statsbudget bezuelt gëtt. Et verléiert kee seng Existenz. Et gi Perspektive fir déi Concernéiert geschaf, wann et déi innerhalb vun hirer Communautéit net sollt ginn.

Mir sinn der Meenung, dass Kanner a Jonker effektiv sollen hire Choix kënnen treffen, wat hir philosophesch, reliéis oder net reliéis Entwécklung betrëfft. Eng Viraussetzung, fir de Choix kënnen ze treffen, ass d'Wëssen iwwert déi eenzel Weltanschauungen.

An den nächste Woche soll e Grupp zesummegesat ginn, a Form vun enger Programmkommissioun, fir den Inhalt vun esou engem Cours kënnen ze definéieren. Wéi den Éducationsminister de Moie preziséiert huet, ass et d'Zil, fir e Programm ze definéieren, deen net fir Provokatioune suergt, mä deen neutral a senger Ausriichtung ass, dee sech orientéiert um Prinzip vun der Wëssensvermëttlung. Dat ass nämlech d'Missioun vun der ëffentlecher Schoul an op déi Missioun soll sech och de Schoulprogramm konzentréieren.

En drëtte Pilier vun der Trennung tëschent Kierch a Stat ass déi alldeeglech Realitéit queesch uechtert d'Land um Niveau vun de Gemengen. Et feelt an deem Beräich un engem reglementéierte Kader, wou awer och Transparenz muss kommen. D'Besëtzverhältnisser vun de Kierche sinn net uniform a souguer relativ onkloer. Et ass souguer esou, dass déi allermeeschte Kierchen net onbedéngt de Gemenge gehéieren.

Den Ëmgang mat de Kierchen als Gebaier, déi mussen ënnerhale ginn, ass och ënnerschiddlech jee no Gemeng. Datselwecht gëllt fir déi finanziell Situatioun vun de sougenannten „Kierchefabricken", déi jee no Gemeng variéiert respektiv onkloer an net transparent ass.

An Zukunft sollen d'Gemengen net méi obligéiert ginn, fir fir den Ënnerhalt vun de Kierchen opzekommen, wann déi Gebaier och als Kierch benotzt ginn. Et gëtt en nationale Fong geschaf, wou d'Kierchefabricken alleguerten zesummegefaasst ginn. Aus deem Fong gëtt den Ënnerhalt vun de Kierche bezuelt. Dat betrëfft déi Lieux de culte, an deenen och d'Masse gehale ginn.

Déi Gebaier, déi net fir hiren eigentlechen Zweck genotzt ginn, falen an de Besëtz an och an d'Gestioun vun de Gemengen. Iwwert d'Zukunft vun deene Gebaier kënnen d'Gemengen och fräi décidéieren.

An der Praxis bedeit dat, dass d'kathoulesch Kierch, ëm déi et hei an der Haaptsaach geet, an Zukunft d'Méiglechkeet huet, fir déi Kierche fir hire Service ze benotzen, déi se och aktuell notzt. All Gebai, wou e Besoin besteet, ass weider dofir zur Dispositioun. Déi ëffentlech Hand kënnt awer net méi op fir den Ënnerhalt, d'Reparatur an d'Renovatioun.

Do, wou d'Kierch kee Besoin gesäit, ginn d'Gebaier verkaaft, woubäi d'Gemengen an de Stat e Virkafsrecht zum Präis vum symboleschen Euro hunn. Esou soll Spekulatioun mat deene Gebaier um private Marché och évitéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Finanzement vun de Ministres des cultes soll aus der Verfassung erausgeholl ginn, de Reliounsunterrecht duerch e gemeinsame Wäerteunterrecht ersat ginn an d'Gemengen net méi obligéiert sinn, den Ënnerhalt vun de Kierchen ze garantéieren.

Dat sinn déi dräi Kärelementer vum Accord mat de Reliounsgemeinschaften. Dräi Kärelementer, déi weisen, dass mer kënnen op de Wee goen, deen d'Trennung vu Kierch a Stat an d'Realitéit ëmsetzt. Dat ass net nëmme richteg an néideg en vue vun der Verfassungsreform, et ass och en Zeeche vun Erneierung!

Mir sinn e modernt Land a presentéieren eis gär als Pionéier an zukunftsorientéierte Beräicher. Eng Moderniséierung am Ëmgang mat de Reliounsgemeinschaften ass an deem Sënn och en Deel vun der Image de marque vu Lëtzebuerg. Et gëtt eng kloer Trennung a gläichzäiteg en oppenen, strukturéierten a reglementéierte Kader fir den Ëmgang mat de Culten.

Mir liewen an engem Land, wou et och vill Leit gëtt, déi sech enger Reliounsgemeinschaft zougehéiereg fillen. Si sinn en Deel vun enger Communautéit an hire Glawen ass en Deel vun hirem Liewen. E moderne Stat, deen d'Reliounsfräiheet respektéiert, muss och déi Realitéit unerkennen an eng gerecht Léisung fannen, déi de Besoine vun de Communautéite gerecht gëtt.

D'Regierung huet sech duerfir engagéiert, fir komplett nei Konventiounen auszeschaffen. Déi Konventioune sinn natierlech lassgeléist vun der Verfassung a bewege sech an engem kloer geregelte Kader, esou wéi et och de Fall ass mat de Konventiounen an anere Beräicher.

D'Grondzich vun deene Kontrakter tëschent dem Stat an de Reliounsgemeinschafte goufen am Accord festgehalen a beinhalte souwuel Engagementer wéi och Regelen, e gesetzleche Kader an och eng plafonéiert finanziell Enveloppe. Déi finanziell Ënnerstëtzung variéiert jee no Gréisst vun der Communautéit. A schonn haut kann ech lech awer soen, dass och déi zweetgréisst Gemeinschaft zu Lëtzebuerg, nämlech déi moslemesch, wäert unerkannt ginn.

Nom Accord, dee mir mat de Vertrieder vun de Communautéiten zu Lëtzebuerg négociéiert hunn, géif d'Budgetsenveloppe fir déi kathoulesch Kierch progressiv op 6,75 Milliounen Euro erofgoen.

Fir déi aner Communautéite gëlle folgend Montanten: Déi jiddesch Communautéit soll eng Budgetsenveloppe vun 315.000 Euro kréien. D'protestantesch Kierch soll 450.000 Euro kréie fir hire Fonctionnement. Déi orthodox Communautéit kritt 285.000 Euro. Déi anglikanesch Kierch kritt 125.000 Euro zougesprach. An déi moslemesch Communautéit kritt, als zweetgréisst Gemeinschaft zu Lëtzebuerg, an Zukunft 450.000 Euro pro Joer.

Dat ass en Total vun ongefëier 8,4 Milliounen Euro géintiwwer deene 24,6 Milliounen Euro, déi haut festgeschriwwe sinn a woubäi natierlech déi sëllechen Annex-Subside vun de Gemengen net mat agerechent sinn, déi awer och ewechfalen.

Op dësen ënneschte Sockel kënnt een net vun haut op muer, mä et geet progressiv iwwert déi nächst Joren erof. Wa mir op de Wee gi vu komplett neie Konventiounen ausserhalb vun der Verfassung, dann ass dat e grousse Changement.

Wat awer net dierf changéieren a souguer nach méi intensiv muss ginn, dat ass de Volet vun der Transparenz an och vun der Supervisioun vun de Subsiden, déi d'Reliounsgemeinschaften accordéiert kréien. Esou hu mir am Accord mat de Kierchevertrieder och Regele festgehalen. An déi Regele wäerten an eenzelne bilaterale Kontrakter nach ausformuléiert ginn.

Et ass wichteg, dass d'Relioun an d'Léier vun enger Relioun sech afüügt an d'Grondduerdnung vun eisem Stat a seng fundamental Prinzipien och respektéiert. De géigesäitege Respekt vu Meenungsfräiheet an Toleranz vis-à-vis vu Minoritéite si Grondviraussetzungen, fir e Kontrakt mam Stat kënnen anzegoen. Iwwert de Wee vun enger Konventioun ass och e Kader geschaf, deen en Auserneendrifte vun de Communautéite verhënnert.

Fir dass mer deen Accord kënnen ëmsetzen, wéi mer e mat den etabléierte Reliounsgemeinschaften zu Lëtzebuerg négociéiert hunn, brauch d'Regierung de Feu vert vun dësem Parlament.

Ech soen lech Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Chamber den Ordre du jour esou adaptéiert huet, dass muer och en Débat kann doriwwer sinn an uschléissend dann e Vote iwwert déi prinzipiell Ausriichtung vun deem Accord, deen ech haut an der Chamber presentéiert hunn. Ech ginn net méi an den Detail eran, ech hunn et de Moien an der Kommissioun gemaach. An, wéi gesot, d'Konventioune sinn och à disposition vun all den Deputéierten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord, deen d'Regierung mat de Reliounsgemeinschafte fonnt huet, erlaabt eis, an eng nei Richtung ze goen. De Stat ass net méi an der verfassungsméisseger Obligatioun géintiwwer de Reliounsgemeinschaften. Et ass e Stéck Fräiheet, wat op béide Säite garantéiert gëtt, am géigesäitege Respekt an am Konsens. Dat kann dem Zesummenhalt an eiser Gesellschaft nëmmen hëllefen. A justement déi sozial Kohäsioun brauche mer am Moment méi wéi jee!

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech ginn dem Här Premierminister Akt vu senger Deklaratioun. Ech wollt nach eng Kéier preziséieren, dass d'Debatte muer um Ufank vun der Sëtzung wäerte stattfannen ab zwou Auer. Merci.

A mir géifen dann zum Ordre du jour, wéi e vun der Presidentekonferenz a vun der Chamber festgehale ginn ass, iwwergoen. Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6719, deen eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Referendum virgesäit. Eng organisatoresch Änderung, net ze verwiessele mat där Proposition de loi iwwert d'Organisatioun vum Referendum vum 7. Juni, déi muer an der Institutiounskommissioun zur Diskussioun steet an Enn Februar wäert hei am Haus diskutéiert ginn.

D'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, den Alex Bodry.

5. 6719 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

(Problème technique de sonorisation)

...gi war. Déi Diskussioun kréie mer, mir kréie se awer net haut. Mä et geet drëm, fir eng kleng punktuell Modifikatioun ze maachen un eisem Kadergesetz iwwert d'Referendumen. An zwar huet d'Regierung de 24. September 2014 e Projet eragereecht, fir op engem Punkt eng Modifikatioun virzehuelen, an zwar déi, fir och bei dem Referendum e sougenannten „Bureau centralisateur gouvernemental" anzeriichten.

Wat ass dat? Et geet hei drëm, dass de Wahldag kënne méiglechst schnell sämtlech Resultater kollektéiert ginn an diffuséiert ginn, fir dass also u sech d'Informatiounen un d'Bierger schnell erausginn, wéi d'Resultat vun de Wahlen ass. Dat ass net méiglech, wann een dat nëmme mécht am Kader vun deene bestehende Wahlbüroen. Et ass also wichteg, dass déi offiziéis Resultater kënne kollektéiert an diffuséiert ginn, zimlech schnell.

An duerfir ass hei de Virschlag an dësem Projet de loi, fir eng Bestëmmung, déi mer haut scho kennen an eisem Wahlgesetz, an déi gëllt fir d'Legislativwahlen, déi gëllt fir d'Europawahlen an déi gëllt fir déi allgemeng Gemengerotswahlen, dass mer och déi Méiglechkeet elo vun engem Bureau centralisateur gouvernemental schafe bei engem nationale Referendum.

Esou e Referendum steet jo, wann dës Chamber den Accord gëtt, de 7. Juni dëst Joer op der Dagesuerdnung, soudass also d'Noutwendegkeet, fir esou e Bureau centralisateur ze schafen, fir also deen Dag selwer och schnell d'Resultater kënnen ze kollektéieren a weiderzeginn, eng gewëssen Urgence huet.

Vum Prinzip, mengen ech, wiere mer eis alleguerten eens, do hat d'Kommissioun keng Schwieregkeeten an och de Conseil d'État keng Schwieregkeeten. Mir sinn allerdéngs hei erëm gestouss op den ominéisen Artikel 32 vun eiser Verfassung: Wat kann duerch Gesetz festgeluecht ginn, wat kann duerch Reglement vun der Regierung, Règlement grand-ducal festgeluecht ginn?

An dat huet sech hei, déi Fro huet sech gestallt am Zesummenhang vun den Indemnitéiten, déi d'Membere vun deem Büro géife kréien. Och bei deenen anere Bureaux centralisateurs, déi mer bei deenen anere Wahle kennen, ginn et esou Indemnitéiten. An hei, wann een deeselwechte System wëllt hei maachen, da muss een eigentlech schonn am Gesetz selwer eng Base légale schafen, fir déi Indemnitéiten herno och kënnen un déi Membere vun deem Bureau centralisateur do auszebezuelen.

Duerfir ass och en Amendement gemaach ginn, fir där Observatioun vum Statsrot Rechnung ze droen. An elo steet dann an deem neien Artikel 63bis vum Gesetz vun 2005 iwwert de Référendum national dran: „un règlement grand-ducal détermine la composition, le fonctionnement et les attributions du bureau centralisateur gouvernemental et fixe le montant des indemnités revenant à ses membres". Et ass deen dote Bout de phrase, deen eigentlech bäikomm ass iwwer Amendement.

De Statsrot hat natierlech kee Problem, dass mer dat opgrond vu senger Remarque esou virgeschloen hunn. An d'Kommissioun war eestëmmeg mat deem heite Projet averstanen.

An domadder géif ech also och bieden, dee Gesetzesprojet hei ze stëmmen an där Form, wéi e virläit, an ech brëngen och gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun eran.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Bodry. An éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, de Rapporteur huet a sengem schréftlechen a mëndleche Rapport alles zu deem Pro-

jet gesot. Et bleift mir nach, him Merci ze soe fir déi Aarbecht an den Accord ze gi vu menger Partei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Meyers. Dann huet d'Wuert d'Madame Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer *(DP).*- Merci, Här President. Ech wëll mech deem Merci ganz kloer uschléissen un de Rapporteur. Dëse Projet de loi huet eng grouss Aktualitéit, vu datt mer wëssen, wat am Juni op eis duerkënnt. De Bureau centralisateur huet seng Preuvë bruecht an den nationale Wahlen, an den Europawahlen a Gemengewahlen. An dofir ass et nëmmen normal a richteg, datt mer dat och elo fir de Referendum virgesinn.

Dofir brëngen ech och heimat ganz kloer den Accord vu menger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Polfer. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech wëll och just dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport an ech brëngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Och ech wollt mech deene Wierder uschléissen a mir wäerten dat Gesetz do och matstëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An dann nach den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo, Här President, mir stëmmen dat selbstverständlech, dass e Bureau centralisateur ageriicht gëtt bei deem Referendum. Et bleift elo just nach ze hoffen, dass dee Referendum méiglechst seriö an objektiv kann organiséiert ginn. An dann, mengen ech, hu mer domat eppes Wichteges gemaach fir d'Demokratie am Land.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Urbany. An d'Wuert huet den Här Statsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech wëll dem Här Bodry, dem Här Meyers, der Madame Polfer, dem Här Adam, dem Här Reding an dem Här Urbany Merci soe fir hir konstruktiv Aussoen an ech schléisse mech dann all deenen Aussoen och un a soen dem Här Bodry Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statsminister. Da kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6719.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6719 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung huet ugefaangen. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

Mir hunn Unanimitéit a mer wäerten déi Korrekture maache bei deene Kolleegen, deenen hir Maschinn net fonctionnéiert huet.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6719 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gilles Baum), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

Da géif ech nach d'Fro stellen, ob d'Chamber d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Villmools Merci, dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6518 iwwert de Jugement sur accord; dat bedéngt eng Ännerung vum Code d'instruction criminelle. Et ass nach Zäit, fir sech anzeschreiwen. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

(Brouhaha)

Wann ech gelift, et huet elo am Moment just den Här Rapporteur d'Wuert!

6. 6518 - Projet de loi modifiant le Code d'instruction criminelle afin d'y introduire le jugement sur accord

Rapport de la Commission juridique

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi dréit et sech ëm eppes méi Fundamentales wéi dat, wat mer elo grad hei op déi Schnelle diskutéiert an ofgestëmmt hunn. Et geet ëm eng fundamental Neierung an eisem Strofsystem, déi mer eis virgeholl hunn, elo hei anzeféieren.

Et ass ee Projet, deen am Ursprong nach op déi viregt Regierung zréckgeet. En ass den 3. Januar 2013 hei vum Minister Biltgen deponéiert ginn. Dës Regierung huet en iwwerholl, a mir hunn och an etleche Sitzungen an der zoustänneger, an der juristescher Kommissioun iwwert deen heiten Text diskutéiert, fir d'Éischt iwwert de Prinzip an duerno am Detail.

E puer Zuele vläicht, fir eis e bëssen an déi Matière vun der Strofjustiz eranzebréngen. 50.000 bis 60.000, dat ass d'Zuel vun de penalen Affären, mat deenen all Joer d'Parquete vu Lëtzebuerg an Dikrech befaasst ginn. Et ass net den Total vun allen Affären, mä et ass den Total vun den zousätzlechen Affären, déi all Joer hei zu Lëtzebuerg bei deenen zwee Parqueten enregistréiert ginn. 50.000 bis 60.000, dat war de Schnëtt vun deene leschte Joren.

Ëm 15.000, kann ee schätzen, dat ass ongeféier den Total vun de klasséierten Affären, déi sech aus deenen doten Dossieren erginn. Et kënnt dann d'Zuel vun den Uerteeler derbäi, wou natierlech d'Ordonnances pénales mat abegraff sinn. An da kënnt ee wahrscheinlech op eppes iwwer 10.000 pro Joer. Dat sinn alles perséinlech Schätzungen allerdéngs, déi ech hei soen, well aus de Rapports d'activités net am Detail eigentlech déi Zuelen do ervirginn, wat eigentlech ze bemängelen ass.

Et bleift also ënnert dem Strëch nach ëmmer ongeféier d'Halschent vun den Dossieren, wou der Joer fir Joer iwwer 20.000 bäikommen, ouni evakuéiert ze ginn am selwechte Joer.

Déi puer Fakten do maachen also dee Bierg vun Aarbecht däitlech, virun deem net nëmmen de Parquet, d'Statsanwaltschaft, mä och d'Polizei an d'Geriichter stinn. Dëse Stock vun den onofgeschlossenen Dossiere gëtt vu Joer zu Joer méi grouss an domadder natierlech och d'Erausfuerderung fir eis Justiz an de Rechtsstat, fir deen dote Bierg vun Affären - stänneg wuessende Bierg vun Affären - uerdentlech ofzewéckelen, wéi dat sech fir e moderne Rechtsstat gehéiert.

Et ass keen Zweifel, dass d'Lëtzebuerger Justizwiesen zënter geraumer Zäit - et ass kee rezente Phenomeen, mä et bestäerkt sech ëmmer méi - sécherlech un d'Grenze vu senge Capacitéite stéisst. Laang Délaien, eventuell onzefridde Justiciabelen, Prescriptiounen, sinn d'Konsequenze vun dësem Bierg vun Dossieren a Prozeduren.

Eng Hëllef bei der Beschleunegung vun de Strofprozedure gëtt sech mat der Aféierung vun der Iddi vun der „transaction pénale" - oder, wéi mer et elo nennen, dem „jugement sur accord" - versprach.

Et geet drëm, mat där heiter dach fundamentaler Neierung ze erreechen, dass eng Rei vun Affäre méi schnell, awer gradesou uerdentlech kënnen ofgewéckelt ginn, wéi dat an de gängege Prozeduren haut de Fall wär.

Ëm wat geet et? Et geet eigentlech ëm eng Eenegung tëschent der Statsanwaltschaft an dem Verdächtegten oder dem Beschëllegten iwwert d'Scholdfro an d'Strofmooss bei Delikten a bestëmmte Verbriechen. De Beschëllegte gëtt seng Schold zou a kritt am Géigenzuch e schnellt Uerteel zu akzeptabele Konditiounen, am Regelfall wahrscheinlech mat enger gewëssener Strofminderung par rapport zum Normalfall.

Dësen Accord tëschent Parquet a Beschëllegten, deen an all Stadium vun der Prozedur praktesch bis zur Uerteelsspriechung kann ofgeschloss ginn, muss an ëffentlecher Sitzung vum Strofgeriicht akzeptéiert ginn. Dat ass a graffe Wierder dee System, wéi en elo hei zu Lëtzebuerg proposéiert gëtt.

Dee Lëtzebuerger Modell - well et ass en echte Lëtzebuerger Modell, et ass net einfach eng Kopie vun iergendengem ähnleche Modell, dee géif an engem vun eisen Nopeschlänner bestoen - vun der Transaction pénale - och emol „plaider-coupable" genannt - garantéiert eng Berodung vum Beschëllegten, Transparenz an Interventioun vun engem onofhängege Riichter, deen net Partei an de Verhandlungen iwwer Schold a Strofmooss war. D'Rechter vun den Affer bleiwen intakt.

Dëse Gesetzesprojet versicht déi Neierung vun engem négociéierten Accord bei Strofdoten am Respekt vun den Haaptregele vun eisem Code d'instruction criminelle anzeféieren. Hei gëtt probéiert, esou wäit wéi méiglech net ze derogéiere par rapport zu den allgemenge Bestëmmunge vun eiser Strofprozessuerdnung. Och respektéiert de Gesetzesentwort a senger éischter wéi och a senger definitiver Versioun an enger Rei vun Amendementen, déi mer och an der zoustänneger Kommissioun ugeholl hunn, d'Bestëmmunge vun der Europäescher Konventioun vun de Mënscherechter an och d'Jurisprudenz vun de Stroossbuerger Riichter.

Dës Reform ass - dat muss ee gläichzäiteg soen - en zolitte Broch mat där traditioneller Opfaassung vun eisen Instruktiouns- a Strofverfahren an och vun der Roll vum Parquet.

An alle Länner - an et sinn der vill -, wou dëse System agefouert ginn ass, nach virun deem Akt hei vu Lëtzebuerg, ass am Virfeld oft hefteg diskutéiert ginn. Et kann een dat deelweis an der belscher, an der franséischer Literatur nach noliesen. Och gi regelméisseg emol Geriichter, wéi och dat däitscht Verfassungsgeriicht, befaasst mat Kloen, wat dann hire System ugeet a senger praktescher Uwendung.

Mä et muss een awer och gradesou soen, obwuel bei der Aféierung déi dote Prozeduren oft kritesch begleet si gi vun eenzelne Stellen, dass awer a kengem Land, menges Wëssens, déi Neierung ofgeschaaft ginn ass, well se sech als falsch erwisen hätt an hirer praktescher Uwendung. D'Transaction pénale, also den „jugement sur accord", ass net an allen, mä an deene meeschten europäesche Länner e Bestanddeel vun der Strofprozessuerdnung ginn.

Mä den Ursprong, muss ee wëssen, kënnt aus dem angelsächsesche Recht, et sinn Amerika, England, Kanada, déi eigentlech déi doten Iddi vun der Négociatioun a Strofprozesser scho méi laang kennen, mä awer no hire Regelen, wat net déi sinn, déi eis sinn. Duerfir däerf een also net ze vill sech e Bild maachen iwwert déi eng oder aner Fernsehserie oder Fernsehfilm, wou een deen dote System an der amerikanescher Applikatioun gesäit. Dat ass net onbedéngt dat, wat elo hei zu Lëtzebuerg wäert ënnert dem Begréff vum Jugement sur accord agefouert ginn.

Ech stellen esouguer fest, dass eenzel Länner, déi en éischte Schrëtt an déi Richtung gemaach hunn, wéi eist Nopeschland d'Belsch, déi d'Transaction pénale scho kennen, elo d'Regierung wëlles huet, dee System auszedehnen an op en „plaider-coupable" vun allgemenger Natur wëllt reforméieren.

A Frankräich besteet déi sougenannten „comparution sur reconnaissance préalable de culpabilité" zënter dem Joer 2004, an och an Däitschland gëtt et dat sougenanntent „Verständigungsgesetz", dat esou Transaktioune virgesäit, awer wou de Riichter selwer vill méi eng staark Inzidenz an deem Ganzen huet, wou mir ganz kloer hei en Trennstréch zéien tëschent Parquet a Beschëllegten op där enger Säit an engem onofhängege Geriicht op där anerer Säit, wat deen Accord muss am Endeffekt guttheeschen.

D'Bundesverfassungsgeriicht huet an engem Uerteel vun 2013 kloergemaach, dass an hirem Kontext informell Ofsproochen onzoulässeg sinn. Et ass selbstverständlech och eppes, wat zu Lëtzebuerg net méiglech ass, well an där ganzer Prozedur hei op vill Formalitéiten an op Schréftlechkeet vun deem Accord gehale gëtt.

Et bleift och - an dat, mengen ech, kënnt een disposéieren op Lëtzebuerg -, dass d'Geriicht weider d'Flicht huet, fir de Sachverhalt ze kläre. Den Accord däerf deemno net déi eenzeg Grondlag vum Uerteel sinn, wat schlussendlech geholl gëtt.

An d'Geriichter vu Karlsruhe hu besonnesch och op d'Transparenz an d'Dokumentatiounsflicht higewisen, déi och am däitsche Recht bestinn. Och dat ass zu Lëtzebuerg de Fall, Transparenz an Dokumentatiounsflicht gëllen och fir de Lëtzebuerger Modell.

Och den Europäesche Geriichtshaff vun de Mënscherechter hat scho bei e puer Affären d'Geleeënheet, fir d'Conformitéit vun esou engem System vun der Transaction pénale ze ënnersichen am Zesummenhang mat enger Rei vun Dispositioune vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun, notamment d'Recht op e faire Prozess an d'Recht och op en „double degré de juridiction en matière pénale".

An och do ass prinzipiell gesot gi vun de Riichter vu Stroossbuerg, dass dat an der Rei ass. Allerdéngs sinn dräi Bedéngunge genannt ginn, dräi Bedéngungen, déi mer an eisem Lëtzebuerger Projet erfëllen. Dat ass, dass dee Verzicht, deen de Bëschëllegte mécht, muss eendeiteg sinn. Et musse minimal Garantië fir de Beschëllegte bestoe bleiwen, fir gewësse Mëssbräich auszeschalten, déi kënnen an esou enger Prozedur vu Verhandlungen entstoe wéinst dem méiglechen Ongläichgewiicht tëschent de Parteien, Parquet op där enger Säit a Beschëllegten op där anerer Säit. An drëttens: Den Accord däerf selbstverständlech net op Drock oder op falsch Verspriechen hin entstane sinn.

D'Stroossbuerger Riichter hunn och akzeptéiert, dass d'Berufungsrecht eventuell méi ageschränkt ass, wéi dat am Normalfall ass. Dat ass hei zu Lëtzebuerg net de Fall. An deem System, dee mer proposéieren, besteet eigentlech en onageschränktent Appellsrecht, wéi dat och am Normalprozess de Fall ass.

De Gesetzesprojet ass also am volle Respekt geschriwwe gi vun den internationalen Normen an deem dote Beräich, an dem Statsrot säin Avis ass eigentlech e Spigelbild gewiescht vun deene méi prinzipielle Bedenken, déi och am Ausland zu deem dote System geäussert gi sinn.

A wann d'Kommissioun och am Ufank reservéiert war an där doter Fro, hu mer eis awer notamment och vun den Argumenter vun de Vertrieder vun de Parqueten, déi aktiv eigentlech sech fir deen dote Projet agesat hunn, wéi och vun den Argumenter vun de Vertrieder vum Barreau iwwerzeege gelooss, dass am Lëtzebuerger Modell, wéi en elo konzipéiert ass, och a senger definitiver Versioun no den Amendementer vun der zoustänneger Kommissioun, déi dote Bedenken eis net als gerechtfertegt schéngen an dass de Lëtzebuerger Modell also de Risiko vun enger Zwouklassejustiz respektiv de Risiko vun engem Erzwénge vu falsche Scholdageständnisser wäitgehend hëlleft auszeschléissen.

Eng honnertprozenteg Garantie huet een ni, mä hei sinn awer déi néideg Garde-fouen agebaut ginn an dee ganze System, fir dass déi dote Risikoen, déi een oft an den Diskussiounen, an der Doktrin erëmfënnt, sech bal net méi kënnen hei zu Lëtzebuerg stellen.

Duerch d'obligatoresch Assistenz vun engem Affekot - jiddwereen, dee sech wëllt an eng Transaction pénale erabeginn, muss duerch en Affekot assistéiert ginn, an den Affekot wäert herno och mussen dee schréftlechen Accord au préalable mat signéieren, fir kloerzemaachen, dass en och seng Berodungsfonctioun iwwerholl huet -, duerch och virun allem de vollen Ermiessungsspillraum, deen de Strofriichter behält hei am Lëtzebuerger System - wann en Accord tëschent Parquet an engem Beschëllegten ofgeschloss ginn ass, da kënnt dat Ganzt an ëffentlech Sitzung, an de Strofriichter oder d'Strofriichteren behalen am Fong e vollen Ermiessungsspillraum.

Net nëmmen also maache se eng formal Kontroll, ob alles richteg gelaf ass, mä si kucken och den Dossier inhaltlech, fir sech eng Meenung driwwer ze maachen, a si kënne selbstverständlech deen Accord och oflehnen, wa se mengen, dass eppes net an der Rei wär an deem ganzen Dossier.

De verschiddene formellen Oppositiounen, déi de Statsrot a sengem éischten Avis hat, konnt d'Kommissioun an engem definitiven Text Rechnung droen. Dee leschte Sträitpunkt, deen nach bliwwe war, dat war d'obligatorescht Bäiwunne vum Beschëllegte bei der Verhandlung herno virum Strofriichter. An do hu mer eis schlussendlech gëeenegt, dass mer en allgemenge Renvoi géife maachen op den Artikel 185 vum Code d'instruction criminelle, deen déi dote Fro regelt a wou de Prinzip ass, dass natierlech den Ugeklote soll viru Geriicht erschéngen, mä dass ënner gewëssen Ëmstänn awer dat Erschéngen net muss sinn an et duergeet, wa säin Affekot da viru Geriicht optrëtt. Hei gëtt also och do keng speziell Regelung am Endeffekt virgesinn.

Ech wëll awer vläicht e bësse méi am Detail och op eenzel Punkte vun deem Text hei agoen, wéi dee ganze System elo ka fonctionnéieren.

Fir d'Éischt emol de Champ d'application - e wichtege Punkt. Bei wat gëllt en?